



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéierte Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/02/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung
weiderzeleeden.**

Ab dem 11ten Mäerz, a genee engem Mount, sollen d'Epreuves communes fir de Cycle 4.2 (dat aalt 6t Schouljoer) stattfannen. De 25ten Mäerz sollen d'Epreuves ofgeschloss sinn. Hei ginn et awer nach ganz vill oppe Froen, net nëmme vu Schüler an Elteren, mee och vum Léierpersonal.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi wäerten d'Epreuves dëst d'Joer organiséiert ginn?
Wat fir Hygiènes-Mesurë si virgesinn?
2. Wat ass virgesinn, falls fir dës Period de System vun A a B Klassen an de Schoule virgeschriwwen ass an d'Hallschent vun de Schüler deen Dag oder déi Woch net an der Schoul ass?
3. Wat ass virgesinn, am Fall wou d'Schoulen zu dëser Zäit erëm musse ganz zoumaachen?
4. Am Januar an am Februar sollen d'Psychologe vum CePAS an d'Klasse goen. Wéi wäit sinn déi Entrevuen ofgeschloss?
Wat fir een Impakt huet de momentanen Homeschooling op dës Gespréicher?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3606 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement
--

Ad 1-3)

Am Kontext vun der Orientatiounsprozedur ass d'Ëmsetzung vun den Épreuves communes fir Mëtt Mäerz virgesinn. D'Hygiënesmesurë wäerten sech op déi zu dësem Zäitpunkt aktuell Recommendatiounen, déi vun der Direktioun vun der Santé an Zesummenaarbecht mat mengem Ministère ausgeschafft goufen, baséieren. Déi aktuell Mesurë goufen dem Léierpersonal an de Kommunikatiounen vum 24. November 2020, vum 8. Januar 2021 a vum 12. Februar 2021 matgedeelt. Falls d'Evolutioun vun de COVID-19-Infektiounen et sollt verlaangen respektiv erlaben, ginn déi eenzel Preventiouns- an Hygiënesmesuren am weidere Verlaf vum Schouljoer ugepasst.

Zum aktuellen Zäitpunkt si keng Changementer par rapport zum zäitlechen Oflaf vun den Épreuves communes virgesinn. Am Dispositif sanitaire fir d'Reprise vun de Coursen am Presentiel, deen den 12. Februar vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend virgestallt gouf, sinn A/B-Gruppen net virgesinn. Deemno wäert et de Cas de figure, deen den honorabelen Deputéierten am Ad 2 beschreift, net ginn.

Sollt Mëtt Mäerz mussen op en Enseignement à distance zeréckgegraff ginn, da muss d'Evalutioun vun de Schüler ouni d'Resultater vun den Épreuves communes gemaach ginn. D'Erfahrungswäerter vun leschte Schouljoer weisen an dësem Kontext, datt d'Orientatioun sech och ouni d'Resultater vun de Schüler an den Épreuves communes, déi just een Element duerstellen, op Basis vun der Dokumentatioun vun de formativen Evalutatiounsmomenter an der Klass an de Produktiounen, déi d'Schüler während dem ganze Cycle 4 realiséiert hunn, esou wéi den Informatiounen, déi vum Psycholog gesammelt goufen, wann d'Elteren heifir optéiert hunn, ëmsetze léisst.

Ad 4)

Wéi an der parlamentarescher Fro 3583 scho beäntwert, war an insgesamt 360 Klassen eng Interventioun vum Psycholog virgesinn, virausgesat, d'Elteren hu fir dës Prozedur optéiert. Vun den 360 Klassen, an deenen esou eng Interventioun stattfënnt, sinn der just dräi, an deenen déi psychologesch Tester nach musse realiséiert ginn an dës Tester ginn no der Fuesvakanz gemaach. Zousätzlech gi véier Datumen iwwert d'Land verdeelt ugebueden, wou déi 10 Kanner, déi bei dem Passage an der Klass bis virun der Fuesvakanz krank oder a Quarantaine waren, dës Tester kënnen nomaachen.